



N° 5181
Reçue le 03.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.11.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

De Messengerdénsgscht Signal huet den 2ten November bekannt ginn, dass si vun der Lëtzebuergescher Justiz eng "Request for information" iwwert dat kalifornescht Geriicht erhalen hunn. Signal ass ee Messengerdénsgscht dee mat End-to-End Encryption schafft. Si si vum kalifornesche Geriicht Informatiounen wéi Numm, Adress, Telefon connection records souwéi Kreditkaarten Informatiounen gefrot ginn. Dës huet d'Firma net weiderginn, well si uginn dës Informatiounen net ze besëtzen.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Lëtzebuergescher Justiz eng Request for information un Signal geriicht?
2. Wéi vill dës Ufroen huet d'Justiz an deene leschten 10 Joer verschéckt (opgeschlësselt no Joer an no Messengerdénsgscht)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député

